ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 30/09/2022

Rapport vun der Integratiounsommissioun vum 27.09.2022

Presenzen

Present	Net present
Ruef-Vogt Liselotte (Präsidentin), Scheidweiler Jeff (Sekretär), Noesen Henri, Ludwig Patrick, Wieditz Gabriele, Graff Yolande, Milmeister-Naik Amina, Simon-Stammet Nathalie, Heinz Joé (membres)	Moreira Cardoso Carlos, Fernandes José, Christiane Eicher-Karier

Punkt 1 Introduction

D'Kommissioun seet dem Schäfferot "Merci" dat sie d'Käschten iwerhuel hunn sou dat all d'Memberen konnten zesummen iesse goen.

De Rapport vun der Sëtzung vum 21. Juni 2022 ass approuvéiert. Dëse kann elo um Site vun der Gemeng publizéiert ginn.

Punkt 2 Chrëschtmaart

De Chrëschtmaart wäert dëst Joer vum 17.-18.Dezember stattfannen. Dem Mail vum José no kritt d'Kommissioun nach dës Woch ee Retour vum Kielener Atelier betreffend de Chaleten. Sollt dat naischt ginn da kann d'Kommissioun nach ëmmer op déi vun der Gemeng Miersch zréck gräifen. De Schäfferot huet dëst Joer eng Commande opginn fir eegen Chaleten ze kafen dës ginn awer eréischt am Laf vun 2023 geliwwert sinn also dëst Joer nach net disponibel.

Am Kader vun der Orgnisatioun vum Chrëschtmaart huet d'Kommissioun bei der Gemeng de Veräinsbau Koll fir den 25. Oktober um 20.00 Auer reservéiert. An dëser Versammlung geet et virun allem drëm déi ganz lokal Veräiner anzelueden an de Planing fir de Chrëschtmaart opzestellen. De José gëtt d'Invitatioun un d'Veräiner eraus.

De Chrëschtmaart wäert dëst Joer dann och fir d'éischte Kéier um neie Campus zu Bruch stattfannen. De Schäfferot huet den "OK" ginn fir de Parking bei der Koll ze notzen. D'Iddi déi am Raum stoung ee Concert ze organiséieren ass

Helperknapp, 30/09/2022

dëst Joer esou kuerzfristeg net realisabel, falls awer sollten Akteuren fonnt ginn, da kann den Theatersall an der neier Schoul dofir genotzt ginn.

An dësem Kontext freet d'Kommissioun de Schäfferot op d'Gemeng sech ëm d'Ausdeele vun de Flyeren këmmere kann.

Punkt 3 Soirée de Bienvenue

D'Soirée de Bienvenue ass dëst Joer den 18. November zu Bruch am Veräinsbau Koll.

D'Kommissioun beréit driwwer eréi eng Gadgets sollen fir d'Soirée de Bienvuenue bestallt ginn. De Site deen de Schäfferot dem Liselotte uginn huet fir Gadgets ass net immens, d'Memberen vun der Kommissioun hunn naischt fonnt wat passt, des weideren feelt deenen Artikelen ee perséinlechen "touch".

Folgend Iddien sinn am Laf vum Owend diskutéiert ginn (déi missten u sech och all an der fixéierter Präiskategorie vun 10€ / Kapp leien):

- D'Nathalie huet e Schneidbried matbruecht als Beispill (vum Lynn Cosyn) op esou ee Bried kéint een d'Bild vum Flyer printe lossen.
- Landkaarte vu Lëtzebuerg déi de LEADER an Optrag ginn hat fir Schoulklassen (d'Nathalie huet der Gemeng den deemolegen Devis geschéckt) dës kënnen adaptéiert an ugepasst ginn, dat wäert awer een Impakt op de Präis hunn
- Karaffe mat personnaliséiertem Logo a Slogan (Och hei huet d'Nathalie der Gemeng en Devis gemailt)
- Knippercher déi een z.B. kéint beim Groupe Tricentenaire bestellen

De Schäfferot soll der Kommissioun schnellstméiglech matdeele wat zréckbehal gëtt dat Material zäitno ka bestallt ginn.

D'Kommissioun géif de Schäfferot bieden och fir dëst Joer d' Invitatioun / Flyer unzepassen. Alles an allem bleiwt de ganze Layout wéi d'lescht Joer bestoen et gëtt just fir dëst Joer ugepasst. Dës Invitatioun / Flyer soll maximal dräi Woche virun der Soirée verdeelt ginn (Date limite fir sech unzemellen ass eng Woch firdrun, also den 11. November). Niewt den neien Awunner sollen och alleguer d'Veräiner erem invitéiert ginn. Des weideren soll d'Gemeng de Stephane (Youth Hostel) wéinst dem Catering mat Zäiten informéieren dat hien sech den Dag kann am Kalenner markéieren.

D'Powerpoint déi op der Soirée gewise gëtt soll och vun der Gemeng iwwerschafft ginn mat neie Fotoen (z.B. den Dépôt zu Huelmes, de Campus, den E-Reider asw...) a verschidden Dronenopnahmen vun eise Gebaier. Den Text deen am Powerpoint soll agesat ginn soll jeweils op wéinstens fënneg Sprochen sinn, firun allem ass et wichteg dat Englësch derbäi ass.

Helperknapp, 30/09/2022

Déi lokal Veräiner sollen och all vun der Gemeng ugeschriwwe ginn fir erauszefannen wien intersséiert wier ee Stand opzeriichten a Reklamm an eegener Saach ze maachen.

Eng weider Iddi ass dat d'Gemeng nofreet fir Material am Kader vun der Campagne de sensibilisation "**je peux voter**" (Circulaire n°4163 vum Juli 2022) ze kréien fir den Awunner zur Verfügung ze stellen.

Punkt 4 Visite am Mariendall

Am Juni war d'Liselotte mat Vertrieder vum Gemengepersonal, souwéi och mat Vertrieder vum Schäfferot op Visite am Mariendall.

D'Sarah Baghli, d'Clarice Manishimew an d'Elisa Lopes, déi Responsabel vun der Caritas, hunn iwwer d'Infrastuktur an deels och d'Schwiergkeeten am Alldag geschwat. Stand Juni sinn 68 Residents am Foyer dorënner 21 Famillen.

Et sinn eng Partie Famillen un déi Responsabel vun der Caritas eru getruede fir nozefroen op se net kéinten Bénévol an der Gemeng schaffen, wéi z.B. an der Maison Relais. Well sech dëst ënner anerem wéinst de "Versëcherunge" vun de Fräiwellege schwiereg erausstellt, mecht d'Liselotte een Opruff ënnert de Memberen vun der Kommissioun.

D'Gemeng huet dem Personal vum Foyer zougesot dat se Computere vun der Gemeng kréien, déi net méi genotzt ginn. Ab nächstem Summer soll och mat der Caritas zesumme gekuckt ginn, dat Studenten kënnen an de Foyer schaffe goen.

Déi nächst Reunioun, fënnt **den 25. Oktober 2022 um 20:00** an der Koll zu Bruch statt.

Enn vun der Reunioun: 21:00 Auer